adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
30 OCT. 2017
3412

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

*Bei der Rentrée 2017 – 2018 ass et zu enger Rei vun Enkpäss komm, fir d'Poste vun Enseignantë mat Titulairen ze besetzen. Op där anerer Säit gëtt et eng Rei qualifizéiert Enseignanten, déi op aner Plaze beim Staat schaffen, meeschtens fir den Educatiounsministère a Servicer déi dësem direkt ënnerstallt sinn, awer och op anere Posten am ëffentlechen Déngscht, dëst iwwer d'Prozedur vum Detachement.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:*

1) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir an der Grondschoul ze enseignéieren, sinn net an de Schoule mä am Ministère oder a Servicer, déi vum Ministère ofhänke beschäftegt?*
2) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir an der Grondschoul ze enseignéieren, sinn op aner Posten am ëffentlechen Déngscht detachéiert, a wat sinn dës Posten?*
3) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir am Enseignement Secondaire ze enseignéieren, sinn net an de Schoule mä am Ministère oder a Servicer, déi vum Ministère ofhänke beschäftegt?*
4) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir am Enseignement secondaire ze enseignéieren, sinn op aner Posten am ëffentlechen Déngscht detachéiert, a wat sinn dës Posten?*
5) *Deelt den Här Minister d'Meenung, datt am Interessi vun eise Kanner, qualifizéiert Enseignante prioritär an de Grondschoulen an an de Lycéeë mussen agesat ginn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 14 décembre 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes

L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3412 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Et ass e wäit verbreet Mëssverständnes, datt den Detachement vun Enseignanten domadder gläichzesetze wier, datt dem Schoulsystem Ressourcen entzu géinge ginn, déi net méi bei de Schüler oder den Enseignantë géingen ukommen. Och gëtt den Detachement dacks mat administrativen Aufgaben a Verbindung bruecht, déi vun Enseignanten um Ministère géingen assuréiert ginn.

Aktuell schaffen um Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse awer nëmmen 8 Enseignanten aus der Grondschoul, wat am Ganzen 184 dechargéiert Wochestonnen ausmécht, bei insgesamt iwwer 100.000 Stonnen, déi an der Lëtzebuerger Grondschoul aktuell prestéiert ginn.
De Ministère huet an deene vergaangene Joren och kontinuéierlech d'Zuel vun den dechargéierten Enseignanten am Ministère de l'Éducation nationale erof gesat an duerch administrativ Posten ersat.

Doriwwer eraus ginn Detachementer an Dechargen am Beräich vun der Educatioun dozou benotzt, fir de Schüler spezifesch Offeren zoukommen ze loossen.
Ouni Grondschoul-Enseignantë géingen haut z.B. de Régime préparatoire vum Enseignement secondaire seng Diere mussen zoumaachen, genee esou wéi Institutiounen, déi am Déngscht vun de Kanner sinn, wéi d'Beschoulung vun de Kanner a Jugendlechen an de Klinicken, fir nëmmen déi ze nennen. Dës Ressourcë ginn iwwer Detachementer gereegelt a kommen awer direkt dem Schüler zegutt.

Datselwecht gëllt och fir ausserschoulesch Projeten an de Beräicher vun der Kultur an dem Sport. Och hei bidden Enseignantë wichteg Offere fir Kanner a Jugendlecher un. Dozou zielen eng Rei vu Muséeën am Land, awer och Strukturen ewéi de "Lëtzebuerger Online Dictionnaire (lod)", déi op d'Fachwësse vun Enseignanten zeréckgräifen.

E weidere wichtege Beräich fir de Schoulsystem, deen en direkten Impakt op d'Schüler huet, ass d'Ausschaffe vu Programmer a Léiermaterialien, ouni déi d'Schoulen net auskomme kënnen. Dëst ass awer nëmmen een Element vun engem ganze Beräich vun der Schoul- an Unterrechtsentwécklung, déi d'Basis vun engem qualitativ héichwäertege Schoulsystem ausmécht. D'Innovatioun an d'Recherche ronderëm d'Schoul baséieren haut och op ville Plazen um Wëssen an op de Kompetenze vun den Enseignanten. D'Unzuel vun den Dechargen, déi iwwert de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) am Enseignement fondamental fir innovativ Projete verdeelt ginn, louch am Schouljoer 2016-2017 bei 450 Dechargestonnen an am Schouljoer 2017-2018 bei 550 Dechargestonnen. De Budget vum SCRIPT, dee fir d'Innovatiounskraaft vun eisem Schoulsystem zur Verfügung gestallt gëtt, mécht nëmmen 0,42% vum Budget vun der Éducation nationale aus.

Dernieft muss een och nach soen, datt fir den Enseignant vum Statut hier kee „changement d'administration" beim Staat virgesinn ass. Iwwerhëlt en Enseignant eng aner Aufgab beim Staat, bleift en an der Educatioun affectéiert a gëtt an déi nei Administratioun detachéiert.

Deen nofolgenden Tableau renseignéiert dofir iwwer d'Zuel vun den Enseignanten, déi iwwert esou eng Decharge an aner Ministèren, Verwaltungen oder Institutiounen detachéiert sinn. Eng Decharge an e Ministère bedeit awer net onbedéngt eng Aarbecht um Ministère selwer, mee vill méi eng Aarbecht fir e Service oder Institut, déi vun deem Ministère ofhänken an déi dee Moment vum pädagogesche Wëssen a Kënne vum betreffenden Agent profitéieren.

| | **Zuel vun den Enseignanten, déi eng Decharge accordéiert kruten** | **Zuel vun den accordéierten Dechargestonnen** |
|---|---|---|
| Université du Luxembourg | 12 | 120 |
| Services scolaires communaux a Projeten um kommunale Plang | 22 | 342.5 |
| Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs | 12 | 38 |
| Ministère de la Culture | 41 | 340 |
| Ministère du Développement durable et des Infrastructures | 4 | 36 |
| Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche | 7 | 83 |
| Ministère d'État | 1 | 11 |
| Ministère de l'Intérieur | 6 | 27 |
| Ministère de la Santé | 5 | 70 |
| Ministère des Sports | 16 | 61 |

An Ubetruecht vu menger aleedender Remarque an au vu vun de spezifeschen Aarbechten, déi vun de betraffenen Agente geleescht ginn, gesinn ech am Ablack net, wéi ee kënnt déi Aktivitéite vun anescht qualifizéierten Agente verriichte loossen; déi Aarbechten erfuerdere just de professionelle Background vun engem Enseignant fir kënnen effikass gemaach ze ginn. Des Weidere ginn all Joer d'Dechargen op en Neits ugefrot an de Bien-fondé vun der Demande gëtt an deem Prozess vu menge Servicer evaluéiert.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse